# CSV AKADEMIE
# HIERSCHT BIS WANTER 2025



**7/ELO!**

De Magazin fir
d'Membere vun der CSV

CSV

# INFORMÉIERT MEMBEREN ENGAGÉIERT MEMBEREN

Mir freeën eis, Iech den Hierschtprogramm vun eiser CSV-Akademie ze presentéieren. Informéiert Membere sinn déi bescht Botschafter vun der CSV. Et ass duerfir eng vun eise Prioritéiten, eise Memberen Hannergrond-Wëssen zu wichtege politesche Froen ze vermëttelen. Gläichzäiteg wëlle mir Iech d'Instrumenter un d'Hand gi fir eng modern an digital Parteiaarbecht

D'Gemengefinanzen an de Gemengebudget sinn d'Sujete vun der Formatioun mam Emile Eicher, Deputéierten a President vum Syvicol. De Paul Galles wäert iwwert seng Erfarunge vun der UN-Klimaschutzkonferenz (10.–21. November) berichten. Wéi een iwwerzeegend argumentéiert, weist de Kommunikatiounscoach Robert Hein, deen d'CSV schonn dacks begleet huet. An zesumme mat der Agence Bildbrauerei ginn d'Themen Digitaliséierung, kënschtlech Intelligenz an e flotten, authenteschen Optrëtt op de Soziale Medien beliicht.

Informatiounen zu der Umeldung fir eng oder méi Offere vun der CSV-Akademie stinn um Enn vun dësem ELO! an op csv.lu/akademie.

Wann Dir en interessante Sujet fir d'CSV Akademie hutt, oder Dir selwer eng Formatioun wëllt halen, freeë mir eis iwwert all Input. Schéckt eis dofir wgl. e Mail op csv@csv.lu.

Mir freeën eis, Iech bei deene verschiddene Formatiounen a Seminairë begréissen ze kënnen!

**LUC FRIEDEN**
Parteipresident

**ALEX DONNERSBACH & FRANÇOISE KEMP**
Generalsekretären

# PROGRAMM - POLITESCHES

## GESOND FINANZE FIR STAARK GEMENGEN

Eng Gemeng huet vill Aufgaben: si suergt z.B. fir Schoulen, Stroossen, Offall- an Ofwaasserentsuergung, Sport- a Kulturinfrastrukturen, Sozialhëllef a vill aner Déngschter.

D'Finanze vun der Gemeng sinn d'Basis, fir dass dës Aufgabe qualitativ gutt an nohalteg erfëllt kënne ginn. Wéi kann d'Finanzéierung vun dësen Aufgabe verbessert ginn? Wéi setzen sech d'Recetten an d'Depensen, déi eng Gemeng huet, zesummen? Dëst sinn d'Sujeten an dëser Formatioun.

**EMILE EICHER**
Deputéierten & President vum Syvicol

**26/11/2025**
**19H-21H**

**CSV GENERALSEKRETARIAT**
4, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg

## D'WELTKLIMAKONFERENZ: LESCHT HOFFNUNG ODER AUSLAFMODELL?

All Joer versammelen sech d'Leit vun der ganzer Welt op der Weltklimakonferenz (COP), fir iwwert Klimaschutz, Reduktioun vun $CO^2$-Emissiounen an nohalteg Entwécklung ze diskutéieren.

Déi global Diskussioune sinn dacks oft héichpolitesch, voller Ambitiounen, awer och mat villen Hürden a Kompromësser.

Mir analyséieren d'Ziler, d'Erfolleger an d'Limitatioune vun der COP, kucken op konkret Resultater, mee och op Kritik. D'Zil ass et, e realistescht Bild ze kréien, fir ze verstoen, wéi d'Weltpolitik beim Klimaschutz funktionéiert – a wat dat fir eis an d'Zukunft bedeit.

**PAUL GALLES**
Deputéierten

**11/12/2025**
**18H30-20H30**

**CSV GENERALSEKRETARIAT**
4, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg

## RHETORIKSEMINÄR – IWWERZEEGEND ARGUMENTÉIEREN, AUTHENTESCH OPTRIEDEN

Iwwerzeegend argumentéieren, authentesch a sympathesch kommunizéieren, Provokatiounen entschäerfen.

D'Formatioun vermëttelt Grondkenntnisser, fir viru Leit oder am perséinleche Gespréich op eng authentesch an iwwerzeegend Manéier d'Wuert ze ergräifen. D'Formatioun gëtt esou z.B. en Abléck an d'Kierpersprooch a wéi een d'Opmierksamkeet vum Public kritt.

Dës Formatioun gëtt gehale vum däitsche Kommunikatiounstrainer, dem Här Robert Hein, deen an de leschte Jore schonn e puer mol mat der CSV an der CSJ zesummegeschafft huet.

Weider Informatioune kritt dir am CSV Generalsekretariat.

DE LU

***ROBERT HEIN***
Kommunikatiounstrainer

***VUN*** ***05/12/2025 - 17H30***
***BIS*** ***07/12/2025 - 12H30***

***HOTEL LEWECK***
Lepschter-Dellt, L-9378 Lipperscheid

***FIR DËSE SEMINÄR HU MIR ENG KAPAZITÉIT VU 15 LEIT.***

***D'PARTICIPATIOUNSKÄSCHTE LEIE BEI 100€***

***D'UMELDUNG LEEFT BIS FREIDES, DE 14. NOVEMBER 12H***

# PROGRAMM - PRAKTESCHES

## HOW TO CANVA?

Keng Theorie, mee Praxis! Dës Formatioun léiert iech Canva praktesch a séier ze benotzen.

Mir weisen iech, wéi dir einfach awer professionell Designs fir Iech selwer oder är Sektioun erstelle kënnt – ouni musse Virkenntnesser vu Grafik-Design ze hunn.

Déi perfekt Geleeënheet fir Ufänger oder Leit mat wéineg Canva-Erfarung, fir selwer Flyer, Poster, Social-Media-Grafiken oder Präsentatiounen ze gestalten.

DE

**MAX KASEL**
Agence Bildbrauerei

**10/11/2025**
**18/11/2025** } **19H-20H30**

**CSV GENERALSEKRETARIAT**
4, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg

## PRAXISCOURS AI – BEGINNER

Hei geet et direkt an d'Übung: Mir weisen iech Schrëtt fir Schrëtt, wéi dir KI am (politeschen) Alldag benotze kënnt. Dës Formatioun ass fir Leit, déi ganz nei an dem Thema sinn. (Computer matbréngen!)

DE

**MAX KASEL**
Agence Bildbrauerei

**24/11/2025**
**19H-20H30**

**CSV GENERALSEKRETARIAT**
4, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg

## PRAXISCOURS AI – FORTGESCRHATT

Mir verdéiwen d'Méiglechkeete vun der KI an der Praxis: méi Tools, méi Beispiller, méi Effizienz. Fir all déi, déi scho mol mat KI experimentéiert hunn a méi déif andauche wëllen. (Computer matbréngen!)

DE

**MAX KASEL**
Agence Bildbrauerei

**25/11/2025**
**19H-20H30**

**CSV GENERALSEKRETARIAT**
4, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg

## PRAXISCOURS SOCIAL MEDIA – BEGINNER

E praktesche Workshop fir all déi, déi Social Media nach ni richteg benotzt hunn. Mir léieren d'Basis a weisen direkt, wéi ee Posts a Fotoen erstellt an deelt. E gudde Mix aus Theorie a Praxis! (Handy matbréngen!)

DE

**MAX KASEL**
Agence Bildbrauerei

**05/11/2025**
**12H30-14H**

**CSV GENERALSEKRETARIAT**
4, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg

## PRAXISCOURS SOCIAL MEDIA – FORTGESCHRATT

Dir kritt praktesch Tipps, Tools a Strategien, fir Är Sozial Medien op de nächste Level ze bréngen. Fir all déi, déi scho mat de soziale Medien schaffen an dës reegelméisseg genotzt hunn. (Handy matbréngen!)

DE

**MAX KASEL**
Agence Bildbrauerei

**11/11/2025**
**12H30-14H**

**CSV GENERALSEKRETARIAT**
4, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg

# MODALITÉITE FIR D'UMELDUNG

D'Umeldung fir eng oder méi Offere vun der CSV Akademie ass iwwert eis Websäit méiglech.

Aus organisatoresche Grënn ass eng Umeldung bis zwee Deeg virun der Formatioun obligatoresch.

Esouwäit wéi méiglech stellt d'Generalsekretariat d'Seminär-Dokumenter vir oder no der Formatioun zur Verfügung.

Umellen duerch d'Scanne vum QR-Code oder op csv.lu/akademie

Wann dir Froen hutt oder Hëllef bei der Umeldung braucht, kënnt dir iech am CSV Generalsekretariat mellen.



PERIODIQUE
POST LUXEMBOURG
Envois non distribuables à retourner à:
L-3290 BETTEMBOURG
PORT PAYÉ
PS/131

# SAVE THE DATE

**08/01/2026 - CSV NEIJOERSCHPATT**
vun 18.00 bis 22.00 Auer
Syrkus, 20 route de Luxembourg, 6910 Roodt-sur-Syre

**21/03/2026 - CSV NATIONALKONGRESS**
vun 09.00 bis 12.30 Auer
Däichhal, 4 rue du Deich, 9012 Ettelbruck

CSV Generalsekretariat | csv@csv.lu | 22 57 31-1 | 4, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg